



Mondercange • Bergem • Foetz • Pontpierre

Règlement Interne du transport scolaire de la Commune de Mondercange

1. Am Bus an ronderem de Bus gett keng physesch Gewalt (schloen, stoussen, asw...) géintiwwer aner Persounen toleréiert !
2. All rassistesch Bemierkungen, Diffaméierungen, Erpressungen oder Erniddregungen si verbueden !
3. Gewalt géint Sachen an all Form vu Vandalismus si net toleréiert !
4. Waffen (och Briquets) sin am Bus verbueden an gin direkt a fir ëmmer konfiskéiert!
5. Benotze vu Spillsachen am Bus, déei am Bus eng Gefor duerstellen (Ball, Kickboard, asw.), ass verbuede!
6. D'Kanner däerfen sech am Bus net selwer a Gefor brengen a mussen emmer sëtzen wann den Bus sech bewegt!
7. Wann Gurten am Bus sin, muss all Kand sech ëmmer ustrécken!
8. AM Bus gi keen lessen an Gedrénks konsumméiert!
9. Am Bus däarfe keng Plaze fir aner Kanner fräigehale gin!
10. All Kand huet d'recht op eng Plaz an daerf sech eng Plaz, déi fräi ass, eraussiche wou et wëllt!
11. All Kand huet am Bus déi selwecht Rechter a Pflichten an dofir sin am Bus keng Plaze méi do, déi fir méi grouss an méi staark Kanner reservéiert sinn!
12. Virum raklappen an den Bus , wann den Bus kennt, mussen d'Kanner 50 cm vun der Stross ewech bleiwen!
13. Spillschoulskanner musse vun engem Erwuessenen um Bus-arrêt ofgeholl gin!
14. D'Surveillant an den Bussen hun d'Recht de Kanner Plazen zouzeweisen.

Wann Kanner oder Elteren eenzel oder méi Punkte vun dësem Règlement net respektéieren, gin si bei der éischer Infraktioun nach eemol vun offizieller Säit mëndlech oder schrefflech verwarnt a kréien soumat d'Méiglechkeet hiet Behuelen dem Règlement unzepassen!

Dës Konséquenzen sin:

- Ee Kand muss fir eng vun den Responsablen bestëmmten Zäit am Bus an der éischer Rei hannert den Chauffer setzen!
- Ee Kand gët fir eng bestëmmten Tait komplett vum Bustransport ausgeschloss. D'Dauer vum Ausschloss variéiert je no Infraktioun vun enger Woch bis zu engem ganze Schouljoer!